

Här Claude WISELER
Chamberspräsident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 19. November 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„An der Froestonn vum 13. November an der Chamber huet d'Santésministesch gesot, dass d'Bluttspend an Zukunft soll vun engem Etablissement public iwweholl ginn. Deemno géing d'Croix-Rouge déi Aufgab ofgeholl kréien.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung folgend Froe stellen:

- *Ass d'Madamm Minister net och der Meenung, dass d'Bluttspend ee „Core Business“ vum Roude Kräiz ass, an d'Croix-Rouge déi néideg Erfahrung a Credibilitéit huet fir dat och weider auszuféieren?*
- *D'Croix-Rouge baut den Ament en neie Siège um Houwald. Do ass e groussen Espace virgesi, fir d'Bluttspender nach besser empfanke ze kënnen. Falls d'Croix-Rouge dat net méi sollt maachen, wat soll da mat deem Centre de transfusion sanguine geschéien?*
- *Ass d'Madamm Ministesch net och der Meenung, dass d'Regierung éischer misst an d'Richtung goen, all d'Fraisen ze couvréieren, déi bei der Bluttspend ufalen, an domat ze garantéieren, dass d'Croix-Rouge net misst op Spenden zeréckgräife fir dee Service um Bierger?*
- *Ass d'Ministesch net och der Meenung, dass vill Bluttspender riskéieren, net méi spenden ze goen, wann net méi d'Croix-Rouge sech dorëms këmmert? Bluttspend ass eng Spend. Mengt d'Ministesch, dass en Etablissement public grad esou vill Leit mobiliséiert kréich?*
- *Huet d'Ministesch scho mam Lëtzebuenger Roude Kräiz geschwat, wat ass hier Meenung dozou, dass an Zukunft d'Bluttspend vun engem Etablissement public soll gemaach ginn.“*

Mat déiwem Respekt,



Corinne CAHEN



Gérard SCHOCKMEL

Deputéiert

Deputéierten